adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 16. Abrëll 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familjeministesch an un den Här Gesondheetsminister weiderzeleeden.

An den englesche Medie war rezent vill Rieds vun där vun de Briten agefouerter Initiativ, systematesch Déieren, virun allem Hënn a Kazen, an d'Altersheemer ze placéieren. D'Erfarung vun dësem Konzept huet gewisen, datt d'Bewunner duerch den Ëmgang mat den Déieren, déi eng quasi therapeutesch Wierkung op déi eeler Leit auswierken, spierbar méi Freed a Liewensqualitéit hunn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Familjeministesch an un den Här Gesondheetsminister:

1. Ass et zu Lëtzebuerg virgesinn, datt eeler Leit, wann se an en Altersheem plënneren, hiert Déier däerfe mathuelen? Wann nee, firwat net a wat geschitt an dësem Fall mat den Déieren?
2. Denken déi zoustänneg Ministeren eventuell drun, datt englescht Virbild ze suivéieren?
3. Wa jo, wéi eng konkret Mesurë wäerten déi zoustänneg Ministeren an Zukunft proposéieren, fir eng schnell an effikass Ëmsetzung vun dësem Konzept ze erméiglechen?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique